association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, de 19. Mäerz 2026

Léif Memberen,

Wéi mir Iech an eisem Mail vum 3. Mäerz ugekënnegt haten huet d'APESS sech leschte Méindeg, de 16. Mäerz 2026, mat der Direktioun vum Secondaire getraff, fir eisen techneschen a strategeschen "Rapport #1: Techneschen Audit vun der Examens-Integritéit" ze presentéieren.

Hei ass de Resumé vun där Reunioun:

- De Ministère war mat véier Leit do, dorënner de Chef vun der Direction générale de l'enseignement secondaire.
- Mir hunn eise Rapport am Detail erkläert.
- De Ministère huet eis gesot, si wéilten ofwaarden, ob d'Smart Glasses an aner Wearable AI sech wierklech duerchsetzen, a kucke wat d'Nopeschlänner maachen. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann d'Waasser am Schëff steet, da waart ee net, bis de Noper ufänkt mat pompelen! De Ministère fiert d'Strategie "Kapp an de Sand". Bis Europa sech eens ass, hunn eis Schüler dräi Joergäng vu gefälschten Diplomer an der Täsch.
- D'Äntwert vum Ministère war: "Dir kënnt jo mëndlech préiwen, wann Dir wëllt". Dat ass reng Heuchelei! Wéi soll e Proff an engem komplett iwwerluedene Programm, mat 25 Schüler an ouni logistesch Ënnerstëtzung massiv mëndlech Examen ofhalen? Mir hunn de "Grand Deal" ugebueden: 50% manner schréftlech Tester, dofir Zäit fir den Oral. De Ministère wëll d'Gesetzer net upassen, mee d'Verantwortung einfach un eis ofginn.
- Laut dem Ministère soll Evaluatioun keng Momentopnam si mä op konstantem Feedback baséieren. Si deelen net d'Mësstraue vis-à-vis vun de Schüler. D'Relatioun mam Schüler sollt op Vertraue baséieren. De MENJE schéint ze mengen, de Schüler géif d'AI Wearables nëmmen an enger Prüfungssituatioun benotzen a net wärend dem Trimester/Semester. Dat weist alt erëm, datt de Problem nach net verstane gouf. D'Äntwert vum Ministère ass de facto eng Kapitulatioun. Anstatt den Examen ofzesécheren, wëllen si, datt mir Proffen nach méi administrativ Aarbecht kréien, andeems mir all Dag kleng, onkontrolléierbar Feedback-Schläifen dréien.
- De Ministère huet der Press ugekënnegt, et géif Aarbechtsgruppen a Pilotprojete ginn. E Méindeg hu mir zwou konkret Zousoe verlaangt:
    1. En offizielle Sëtz am Steierungskomitee: D'APESS gëtt net an iergende grousse 'CoLab' mat 100 Leit gesat, mee mir sëtzen am strategesche Comité, deen dës Pilotprojeten ausschafft.
    2. E Pilotprojet Adversarial Oral Protocol (AOP): Mir starten am Schouljoer 2026/2027 an op mannst 2 fräiwëllege Lycéeën e Pilotprojet. Mir sinn eis bewosst, datt een net vun haut op muer de Premièresexamen ëmännere kann, aleng scho wéinst der legislativer Schwéierfällegkeet. Awer d'Evaluatioun geschitt all Dag an eise Klassesäll! Eis Propos fir de Pilotprojet 2026/27 betrëfft net den definitiven Examen, mee d'Prüfungen an den ieweschte Klassen (z.B. 2e an 3e). An dësen 2 Pilotschoulen kréien d'Proffen d'Erlabnes – an d'Zäit! – fir **50% vun de Prüfungen duerch en AOP** ze ersetzen. Mir testen d'Logistik, d'Akzeptanz vun de Schüler an déi pedagogesch Déift. A no engem Joer hu mir d'Fakten um Dësch, fir de Premièresexamen juristesch unzepassen.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

De MENJE huet dunn zouginn: Dëse 'Steiergrupp' ass reng intern. D'Gewerkschafte ginn iergendwann 'consultéiert', wéi et ëmmer leeft. Si wëllen d'Praktiker vum Terrain ausschléissen, fir an hirer Reagenzglas-Welt ze bleiwen. A Pilotprojete sinn hinnen 'ze fréi'. Mir soen: Fir d'Rettung vun der Integritéit ass et scho bal ze spéit.

- Si soen eis, mir bräichten eis keng Suergen ëm eis A1-Karriär ze maachen. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann eng KI de Sujet erkläert, den Text schreift, an d'Nott gëtt, a mir just nach am Klassesall stinn, fir ze kucken, datt d'Kanner hiren iPad gelueden hunn – dann ass eis Master-Pai a Gefor. Dat ass d'Virbereedung op eist Enn als Expert.

Och wann de MENJE eise Fuerderunge net noginn huet, wäerte mir eis Aarbecht als Erfolleg. Firwat?

- D'APESS huet eng eenzegaarteg Analys erstallt a publizéiert, déi hir Kompetenz an deem Beräich dokumentéiert. Op de Rapport #1 wäert an Zukunft zeréck gegraff ginn, falls de MENJE sollt behaapten en hätt vun all deem näischt gewosst an dofir keng Ännerungen an d'Weeër leede kënnen.
- Eise Rapport gouf vun RTL, 100komma7 an dem Essentiel opgegraff. Mir hunn d'Land waach gerëselt.
- Den Essentiel (cf. https://www.lessentiel.lu/fr/story/ecole-au-luxembourg-triche-avec-l-ia-les-examens-ecrits-bientot-obsoletes-103525239) huet ënner hirem Artikel eng Ëmfro gemaach, wou si gefrot hunn: "Selon toi, l'arrivée de l'IA va-t-elle rendre les examens écrits obsolètes ?". 391 Leit hate bis e Méindeg de Mëtteg ofgestëmmt, mam Resultat, datt 71% eis Meenung deelen, datt den aktuellen Evaluatiounssystem kompromettéiert ass. Mir hunn eisen Interlocuteuren e Screenshot vun där Ëmfro iwwerginn. Et ass also kloer, datt e groussen Deel vum Public eis Aschätzung deelt an hei dringenden Handlungsbedarf besteet.
- Mir waren e Méindeg beim Direkter. D'Resultat? De Ministère huet weeder e Plang, nach den technesche Verstand fir dës Kris. Si wëllen ofwaarden. Si schécken eis zréck an d'Klassesäll a soen 'vertraut de Kanner'.
- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann de Ministère kee Plang huet, da musse mir e maachen. De Rapport huet d'Nummer 1. Wien dorauser schléisst, datt weider Rapporten an der Pipeline sinn läit richteg. De Rapport #2 zur biokompatibler Infrastruktur ass an der Fäerdegstellung a wäert der Ëffentlechkeet an dem MENJE presentéiert ginn.

Mir wäerte net labber loossen an eis weider mat Determinatioun fir d'Ëmsetzung vu eiser neier Strategie am Interessi vun eise Memberen an der ganzer Schoulcommunautéit asetzen.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426